



11. Motion de M. Marc Spautz concernant l'invitation du Gouvernement à faire bénéficier les entreprises des secteurs vulnérables de l'Horeca, du tourisme ainsi que du secteur évènementiel des modalités d'application pour le chômage partiel actuellement en vigueur jusqu'au 31 décembre 2021

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 648 de ce compte rendu)

Vu datt den Aarbechtsminister nach hei ass, kéime mer dann elo zur Diskussioun respektiv dem Vott vun där Motioun, déi vum Här Marc Spautz am Ufank vun der Sitzung deposéiert ginn ass iwwer eng Verlängerung vum Chômage partiel bis Enn des Joers fir den Horeca-Secteur.

Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Minister, wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. Wann ech schonn hei sinn, da géif ech selbstverständlech gären zu där Motioun Stellung huelen. U sech arrangéiert dat mech souguer, well da kann ech der Chamber och eng Rei Saache mat-deelen, déi vläicht esou net gewosst sinn.

Fir d'éischt emol: Ech mengen, d'Regierung huet sech duerch de Mond vum Aarbechtsminister och schonn offiziell virun engem gudde Mount geäussert, wéi et mam Chômage partiel insgesamt soll weidergoen. Mir hu gesot, dass och iwwert de Juni, Enn Juni 2021, selbstverständlich dat Instrument vum Chômage partiel nach wäert weider gebraucht ginn, fir Betriber ofzesécheren an domadder och Aarbechtsplazen ofzesécheren, mee vläicht net méi esou flächendeckend, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach haten, mee méi sektoriell ausgeriicht an domat och méi zilgeriicht, wéi dat elo de Fall ass.

Dat ass iwwregens och de gemeinsame Standpunkt vum Comité de conjuncture, wou jo d'Sozialpartner alleguerte mat um Dësch sëtzen. Actuellement hu mer eng Reegelung, déi virgesäit, dass fir den Horeca, fir de Beräich vun de vulnerabele Betriber: Horeca, Evenementiel an Tourismus, also am Prinzip 50 % vun de Leit solle kënnen an de Chômage partiel goen. Dat ass déi allgemeng Reegelung. Ech betounen dat.

Et besteet awer d'Méiglechkeet, iwwer Plan de maintien dans l'emploi an och iwwer Plan de redressement déi allgemeng Reegel ausser Kraaft ze setzen. Mee dat setzt dann awer virus, dass ee sech als Sozialpartner un den Dësch setzt an no gemeinsame Reegelunge sicht.

Insgesamt hu mer elo schonn 203 Plan-de-redressementen, wou also déi allgemeng Reegelen ausser Kraaft gesat ginn an een iwwert dee Prozentsaz kann erausgoen, deen ech elo virdu genannt hunn. A mir hunn och 118 Plan-de-maintien-dans-l'emploi, déi also op déi Aart a Weis ofgeschloss ginn, wéi ech dat elo scho gesot hunn. An dorënner sinn och sechs sektoriell Plan-de-maintien-dans-l'emploi. Dat eent betrëfft d'Betriber vun de Coïferen, d'Salon-de-beautéen an d'Salon-de-tatouagen, deen zweete Beräich sinn d'Optiker, deen drëtten sinn d'Impriméen, also alles dat, wat an den Dréckerie geschitt, an dee véierte Beräich, dat ass da Carrosserie an Debosselage.

An da sinn elo zënter e puer Wochen - an déi sinn och scho vum Comité de conjuncture positiv begutacht ginn - zwee nei Plan-de-maintien erakomm. Deen een ass gemaach gi mat LEA (ndlr: Luxembourg Event Association), dat ass d'Vereenegung vun deenen, déi am Evenementiel schaffen. Déi huet insgesamt 61 Memberen a ronn 1.005 Salaréien. Déi hunn e Plan de maintien dans l'emploi ausgemaach, dee bis den 31. Dezember 2021 geet an do also och Méiglechkeeten huet, fir iwwert dat erauszegoen - an déi sinn och do virgesinn -, wat an der allgemenger Reegelung steet.

Dat nämmlecht ass et och fir de Beräich vun der ULAV (ndlr: Union luxembourgeoise des agences de voyages). Dat ass also de Beräich vun den Agence-touristiques. Dat si 35 Membere mat ronn 450 Salaréien. An do beim Beräich vum Tourismus kënnst jo och nach den Tripartitesaccord derbäi mat der Luxair, wou jo och virgesinn ass, de Chômage partiel wäit iwwert de Mount Juli eraus ze employéieren, also och nach bis mindestens an den Dezember 2021.

Dir wësst och, dass mer viru Kuerzem eng gemeinsame Entrevue haten Horesca-Regierung, do war och de Franz Fayot nach derbäi als Wirtschaftsminister, wou mer der Horesca ganz kloer gesot hunn, dass mer am Fall, wou nach administrativ Schléissungen am Horeca-Beräich do sinn, selbstverständlech och géife virschloen, dass am Comité de conjuncture selwer géif gesot ginn, dass déi aktuell Reegelung iwwert de Mount Mee eraus - an och de Mount Juli, wann et nach esou wäit ass - muss employéiert

ginn, mee dass et awer och nach en anere Moyer gëtt. Dat ass dee vum Plan de maintien dans l'emploi, dee souguer bis Enn des Joers kéint goen. Also do gëtt ganz konkret dru geschafft.

Ech mengen och, dass déi Léisung, fir d'Decisiounsgewalt am Comité de conjuncture ze loosse, wou mer gutt Erfarunge gemaach hunn, wou d'Sozialpartner gutt matenee schaffen, dass een et soll dobäi loosse an net hei mat enger allgemenger Reegelung praktesch e Fräifaartsschäi ginn, mee dass mer déi Reegelunge sollen anhalen, déi am Comité de conjuncture an am Averständnis mat alle Partner ofgemaach gi sinn, an op där anerer Säit déi Moyenen, déi mer zur Verfügung hunn, solle stäerken - also, wéi gesot: Plan de redressement, Plan de maintien dans l'emploi -, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, an net hei an der Chamber praktesch iwwert d'Käpp vun de Sozialpartner ewech Decisiounen huelen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*. Ech géif wierklech duerfir drëm bieden, dat do ze loosse, wou et op enger gudder Plaz ass a wou mer, mengen ech, wat de Chômage partiel ugeet, ganz gutt zesumme geschafft hunn. Merci.

An duerfir och selbstverständlech, déi Motioun do net tel quel unzehuelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Minister Kersch.

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dat ass awer just e Rotschlag, deen ech lech ka ginn. Dat ass net un der Regierung, fir dat ze decidéieren, d'Chamber muss dat decidéieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech ginn d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Spautz.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur*.- Merci, Här President. Och merci dem Aarbechtsminister fir déi Erklärungen. Fir eis ass et wichteg, dass de Secteur vun der Horeca sécher weess, wat kënnst. Dir hutt et virdu gesot, Dir hat Diskussiounen mat deene vun der Horesca. Dir wësst och, dass aner Leit, déi an deem Secteur aktiv sinn, soen, dass dat mat den Hëllef nach ëmmer net klappt. An et ass déi Angscht, déi se hunn: Wann de Chômage partiel net méi ausbezuelt gëtt, wéi dat bis elo de Fall ass, dass dat si a Schwieriegkeete kéint bréngen.

Dofir bleiwe mir bei eiser Motioun. Awer nach eng Kéier dem Minister merci fir seng Erklärungen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Spautz. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Här President. No den Explikatiounen vum Minister, déi ech net hätt besser kënnen ginn, ...

(Hilarité)

... si mir natierlech der Meenung, dass een déi Motioun hei net misst stëmmen. Et wonnert mech awer e bëssen, dass grad e fréiere Gewerkschaftler wéi de Marc Spautz hei seet, déi Decisiounskraaft misst dem Comité de conjuncture quasi ewechgeholl ginn, andeems mer hei eng Motioun stëmmen, fir dass dat soll verlängert ginn. Ech verstinn dat net richtig.

(Brouhaha)

Grad ee wéi hie misst jo u sech verteidegen, dass dat hei am Comité de conjuncture misst kënnen weider diskutéiert ginn. Dat wonnert mech e bëssen. Bon, mir bleiwen dobäi, dass dat soll an deem Comité de conjuncture weider diskutéiert ginn. An duerfir wollte mer déi heite Motioun net matstëmmen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel.

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur*.- Här President!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da freet den Här Spautz nach eng Kéier d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur*.- Jo, nodeem den Här Engel mech esou zitíiert huet ... E soll mer elo soen, wou drasteet, dass ech gesot hätt, de Comité de conjuncture an d'Decisiounsgefängnis sollten (veuillez lire: dem Comité de conjuncture seng Decisiounsgewalt sollt) ofgeschaaft ginn. Sot mer wannechgelift, wou dat steet!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Andeems ee se hei stëmmt, ass déi ofgesat.

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur*.- Sot mir, wou dat do am Text steet! Dir hutt elo just gesot, dat stéing an deem Text dran, an dat ass net richtig, Här Engel!

(Brouhaha)

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Dat eent implizéiert dat anert, Här Spautz!

(Exclamations)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ass nach eng weider Wuertmeldung do? Dat ass net de Fall.

Da kënnen mer zur Ofstëmmung vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

12. 7797 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Déclaration de recevabilité

D'Präsidentekonferenz huet sech den 1. Abrëll 2021 fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi aus-geschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7797 iwwert d'Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie, déi haut de Mëtteg vum Här Sven Clement deponéiert gouf. Schléisst d'Chamber sech dem Vorschlag vun der Präsidentekonferenz un, d'Proposition de loi 7797 als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

13. Motion de M. Michel Wolter relative à l'élaboration d'une étude indépendante externe afin d'analyser et d'évaluer les faits survenus depuis la mi-février dans la maison de retraite « Um Lauterbann » à Nieder-korn

(Motion déposée en séance publique n° 44 du 18 mars 2021 - à consulter au compte rendu n° 18/2020-2021 en page 623)

Motion de M. Michel Wolter relative à l'élaboration d'une étude externe indépendante relative aux clusters dans les structures d'hébergement pour personnes âgées

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 648 de ce compte rendu)

Motion de M. Mars Di Bartolomeo concernant l'étude externe indépendante relative aux clusters dans les structures d'hébergement pour personnes âgées

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 648 de ce compte rendu)

Mir kommen dann elo zur Motioun vum Här Michel Wolter iwwert d'Elaboratioun vun enger externer onofhängeger Studie, fir d'Situatioun am Altersheim „Um Lauterbann“ ze analyséieren an auszewäerten. An ech ginn d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den honorabelen Här Michel Wolter.

Exposé

■ **M. Michel Wolter** (CSV), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ausgangspunkt vu menger Motioun vum 18. März ass e Corona-cluster zu Nidderkuer am Altersheim. Wat ech den

18. März net wousst, dat ass, dass mer quasi all Dag nei Donnéeë kréien, déi net berouegen, mee déi éischter de Géigendeel bewierken. Net nëmmen ech, och d'Famillje stelle sech eng ganz Rei vu Froen an d'Effentlechkeet huet a mengen Aen e Recht drop, gewuer ze ginn, wat geschitt ass.

De 5. März ass e grouse Coronacluster am Altersheim zu Nidderkuer op RTL anoncéiert ginn. Deen Dag huet Servior gesot, dat wär näischt Exceptionelles, de Leit géif et gutt goen, a mir hunn d'Versioun Nummer 1 héiere vum Grond, firwat dass d'Leit sech „Um Lauterbann“ kënnen ustiechen. Et ass gesot ginn, et géif net ausgeschloss ginn, dass de Virus duerch de Besuch erabruecht gi wär.

Den 12. März, also eng Woch duerno, huet sech d'„Lëtzeburger Wort“ mat der Fro beschäftigt an huet en Interview mat der Madamm Cahen gemaach, déi - an dat féiert de Journalist dozou, dat Gantz ënnert dem Titel „Beruhigung in Sicht“ ze klasséieren - gesot huet, säit der Ieschter Kéier wäeren nëmme fënnf Neiinfektione komm - fënnf Neiinfektionen an engem Moment, wou déi Woch virdrun néng Doudeger an deem Haus waren.

Et deet mer leed, mee ech kann dat net aneschtens, wéi eng „falsch Informatioun“ respektiv souguer „Desinformatioun“ nennen. „Servior“, gëtt an deem selwechten Artikel gesot, „bestätigt erst nach mehrmaligem Nachfragen“, dass déi fënnf Infektionen do wäeren, well am Ufank vum Dag hätte se gesot, et wär iwwerhaupt keng Neiinfektion geschitt.

Gëschter sinn ech da gewuer ginn, dass dee selwechten Dag, also den 12. März, an der Santéskommissioun, an där ech bekanntlecherweis net Member sinn, den Direkter vun der Santé, den Här Schmit, eppes ganz aneres gesot huet, nodeem en ausgeschloss huet, dass et Membere vun der Equipe mobile gewiescht wäeren, well déi hätten déi richtig Apparaturen do gehat an och dat richtig Equipement - elo kënnst d'Versioun zwee. D'Versioun zwee, dat ass, dass d'Propagation rapide vum Virus dem Fait geschëllt wär, dass d'Leit am Restaurant zesumme giess hätten, wat besonnesch déi Lénk an der Kommissioun dozou bruecht huet, fir sech d'Fro ze stellen - a mir wäerten nach doriwwer diskutéieren -, wéi et méiglech ass, dass dat an engem Moment, wou d'Gesetz de Contraire seet, eigentlech an deem doten a vläicht och nach an aneren Haiser aneschtens gehandhaabt gëtt.

An den Här Schmit seet, an dat sinn ech och gëschter eréischt gewuer ginn, wéi dee Rapport komm ass, dass et 13 Doudeger bis dohinner ... - fënnf Neiinfektione bei der Madamm Cahen, 13 Doudeger beim Direkter vun der Santé. D'Santé wousst Bescheid, d'Familljen net. Wat ass geschitt? Et ass eng Enquête gemaach ginn. Bis haut hu mer op all déi Froe keng Äntwert.

Ech bréngen dat dann den 18. März op den Ordre du jour vun der Chamber. Bis dohinner ass keng Kommunikatioun iwwert de Cluster vun Nidderkuer gewiescht.

Den 23. März kënnst d'Chamberskommissioun zesummen. Entre-temps si mer op 22 Doudeger an deem selwechte Cluster. Entre-temps hu mer Kenntnis kritt iwwert de Weekend, an net opgrond vun enger Kommunikatioun vun der Regierung, mee opgrond vun enger Recherche vun enger Journalistin vun 100,7, dass et weider Clustere ginn zu Rodange an zu Keel.

Besonnesch de Cluster zu Keel féiert zu heftegste Reaktiounen vu Membere vun der Demokratescher Partei, an zwar zwee Conseillere vu Keel, déi en oppene Bréif an och duerno en Interview maachen, wou se sech ganz fuerchtbar doriwwer opreegen iwwert dee Manktum u Kommunikatioun an iwwert déi Aart a Weis, wéi deen Dossier vu Keel behandelt ginn ass, dass d'Rumeuren am Duerf iwwer Deeg lafe gelooss gi sinn, ouni dass d'Regierung eng propper Kommunikatioun gemaach hätt.

Mir héieren dann op enger Pressekonferenz, déi dann endlech ass, d'Versioun Nummer 3. D'Versioun Nummer 3, firwat „Um Lauterbann“ d'Leit gestuerwe sinn, ass dann - an d'Effentlechkeet huet dat och matkritt -, dass et en aalt Haus wär, al Bewunner, déi wäeren an engem héijen Alter, 88 Joer an der Moyenne, wéi se gestuerwe wäeren. Si wäeren polymorbide, si hätten vill Virekrankungen an et wäeren no enger Recherche, déi gemaach gi wär, net méi Doudeger wéi am Ausland. A wann de Corona dann eebe bis am Haus wär, da kréich een en eebe net méi eraus. Ech hunn dat héieren an dat hunn Dausende vu Leit héieren, well et ass op der Pressekonferenz quasi am Wording esou gesot ginn.

Dat huet mat sech bruecht, dass mer no där Kommissiounssitzung eis Strategie hu missen änneren. Mir sinn haut net méi an der Situatioun, dass mer iwwert de „Lauterbann“ diskutéieren. Mir sinn an der Situatioun, dass mer eigentlech iwwer Clustere diskutéieren, déi an deene Ieschte Wochen an ech menge souguer an deene Ieschte Méint opgetaucht sinn an den Altersstrukturen an déi politesch an an der Effentlechkeet net behandelt goufen.

Dofir hu mer an der Chamberskommissioun gefrot, an där vum 23., dass mer eis nach eng Kéier géife